N°6679
Entrée le 18.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.08.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chambre des Députés**

Lëtzebuerg, den 18. August 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zum Naturschutzgesetz an der GAP-Reform un d'Madamm Ëmweltministesch, an den Här Landwirtschaftsminister weider ze leeden.

Am Artikel 9 vum Naturschutzgesetz steet: „*Dans la zone verte, sont soumis à l'autorisation du ministre, l'ouverture de minières, sablières, carrières ou gravières ainsi que l'enlèvement et le dépôt de terre arable sur une superficie dépassant 10 ares ou un volume de 50 m$^3$. »*

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Ministere stellen:

- Gëtt d'Opfëlle vun enger aler Carrière an der Gréngzone, och am Bësch, ënnert verschiddene Konditiounen erlaabt? Wann jo, ënnert wéi enge Konditiounen?
- Laut onsen Informatioune kruten eenzel Leit ee „refus" mat der Erklärung datt laut Naturschutzgesetz just den Depot vun Akerbuedem kënnt autoriséiert ginn? Heescht dat konkret, dass een am Bësch, wann een eppes géif opfëllen, just däerft gudden Akerbuedem benotzen?
- Wéi ass de Begrëff vun « *terre arable* » definéiert?

Op der anerer Säit soll et am Kader vun der GAP-Reform, wou en Mindestundeel vu 4% vun der landwirtschaftlecher Fläch vum Betrib fir net-produktiv Flächen virgesi sinn, fir esou nach vun den Aiden kënnen ze profitéieren (GLÖZ-Standard 8: Biologische Vielfalt), et erméiglecht ginn fir ënnert anerem och Cairns oder Steinhaufen op Akerland ze tippen.

- Däerf de Bauer Steng op säin Akerland tippen fir vun den Aiden fir d'biologesch Vilfalt ze ënnerstëtzen, kënnen ze profitéieren? Ginn et heivir speziell Konditiounen? Wat ass genau ënnert engem „Steinhaufen" ze verstoen?Wéi gëtt

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

dat iwwer d’Naturschutzgesetz gereegelt? Ënnert wéi engen Konditiounen däerft een déi Steng erëm fort huelen?

- Fannen d'Ministeren net, dass di 2 Reegelungen zumindest bis zu engem gewëssen Moss kontradiktoresch sinn? Wéi gëtt a Sträitfäll tranchéiert? Wat enger Reegelung gëtt een méi Gewiichtung?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung a vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6679 vum 18. August 2022 vun der éierbarer Deputéierten Martine Hansen iwwert "Terre arable"**

**Gëtt d'Opfëlle vun enger aler Carrière an der Gréngzone, och am Bësch, ënnert verschiddene Konditiounen erlaabt? Wann jo, ënnert wéi enge Konditiounen?**

D'Opfëlle vu net méi exploitéierte Carrièren ass a ville Fäll aus naturschutzfachlecher Siicht problematesch well sech op dëse Flächen oft mat der Zäit interessant Vegetatiounsformen an Aarten installéieren. All Demandë fir esou Plazen opzefëllen gi par rapport zu dëse Facteuren analyséiert an op Grond vun de Resultater vun dëser Analys entscheed sech, ob esou eng Opfëllung nom Naturschutzgesetz ka geneemegt ginn oder net. Esou Opfëllungen ënnerleien des Weideren ënnert Ëmstänn och dem Commodo- oder dem Waassergesetz; och do gëtt all Projet individuell en fonction vun sengen Impakter évaluéiert. Am Fall wou d'Opfëlle vun enger Carrière autoriséiert gëtt, geschitt dat an der Reegel net mat Akerbuedem, mee mat anerem inerte Material.

**Laut onsen Informatioune kruten eenzel Leit ee „Refus" mat der Erklärung datt laut Naturschutzgesetz just den Depot vun Akerbuedem kënnt autoriséiert ginn? Heescht dat konkret, dass een am Bësch, wann een eppes géif opfëllen, just däerft gudden Akerbuedem benotzen?**

D'Naturschutzgesetz schreift vir, datt d'Deposéieren an d'Ofdroe vun Akerbuedem iwwer 50m$^3$ eng Geneemegung brauch (Artikel 9).

Ënner Akerbuedem am Kader vum Naturschutzgesetz gëtt deen organeschen Deel vum Buedem verstan, d.h. just déi iewescht Buedemschichten, déi och d'Humuschicht beinhalten. Dëse Buedem ass eng wichteg natierlech Ressource an sollt méiglechst erëm sënnvoll agesat an net einfach entsuergt ginn, wann dees z.B. bei Bauaarbechten ufält. Allgemeng ass et also sou, datt wann sou ee Buedem rëm ka sënnvoll op eng Fläch ausbruecht ginn, dëst och autoriséiert gëtt.

Am Fall vu Buedem deen net als Akerbuedem agestuuft gëtt an eng Demande virläit dësen an der Gréngzon auszebréngen spillt den Artikel 12, deen et allgemeng verbitt, temporär oder permanent Depoten an der Gréngzon ze tätegen.

**Wéi ass de Begrëff vun « terre arable » definéiert?**

"Terre arable" ass Akerbuedem, also wéi uewendriwwer scho gesot, déi iewescht Buedemschichten, déi och d'Humuschicht beinhalten.

**Däerf de Bauer Steng op säin Akerland tippen fir vun den Aiden fir d'biologesch Vilfalt ze ënnerstëtzen, kënnen ze profitéieren? Ginn et heivir speziell Konditiounen? Wat ass genau ënnert engem „Steinhaufen" ze verstoen? Wéi gëtt dat iwwer d'Naturschutzgesetz gereegelt? Ënnert wéi engen Konditiounen däerft een déi Steng erëm fort huelen?**

Traditionell hu Baueren Steng, déi beim Plouen ausgegruewe gi sinn an d'Bewirtschaftung vun engem Aker gestéiert hunn, um Rand vun de Felder déposéiert. Iwwer d'Jore sinn sou Stengkéip an der Landschaft entstan déi attraktiv Mikroliewensraim fir Insekten, Amphibien an Oppelandvulle gebild hunn. Duerch déi progressiv Vergréisserung vun de landwirtschaftleche Parzellen an den Asaz vu méi grousse Maschinnen am Akerbau sinn dës Strukturen progressiv verschwonnen, wat ënner anerem och zum Verloscht un der Aartevielfalt bäigedroen huet. Am Kader vum Naturschutzgesetz sinn sou Stengkéip als geschütze Biotopen agestuft ginn. D'Uleeë vu Stengkéip gëtt also als eng naturschutzfachlech Interventioun gesinn a leeft dann och iwwer déi normal Prozedur vun enger Naturschutzgeneemegung.

Stengkéip (Cairns) um Akerland zielen ab 2023 zu den net produktive Flächen, déi d'Betriber am Kader vun hiren allgemengen Oplagen a Saachen Naturschutz an Aartenvillfalt opweise mussen (erweidert

Konditionalitéit). Si ginn am elektronesche Flächenantrag gemellt a gi pauschal mat jeeweils 25 $m^2$ ugerechent. Am Kader vun den neie Moossnamen an deem Kontext zum Erhale vun der Biodiversitéit ass och eng Bäihëllef fir d'Uleeë vu Stengkéip virgesinn. Dës Moossnamen sinn mehrjähreg national Programmer zur Sécherung vun der Aartevillfalt an dem Schutz vu Grénglandbiotoper.

**Fannen d'Ministeren net, dass di 2 Reegelungen zumindest bis zu engem gewëssen Moss kontradiktoresch sinn? Wéi gëtt a Sträitfäll tranchéiert? Wat enger Reegelung gëtt een méi Gewiichtung?**

Wichteg ass au cas par cas ze kucken wat d'Finalitéit vun enger Demande ass. Wa sech d'Uleeë vu Stengkéip areit an d'Objektiver vun engem Aarteschutzprogramm oder als solches an engem Gestiounsplang vun engem Naturschutzgebitt virgesinn ass, sinn sou Interventiounen sënnvoll. Awer net all Steekoup huet och eng ökologesch Funktioun. Wat den Depot vu Buedem ugeet, ass d'Virgoensweis ënner dem Punkt 2 genau erkläert. Effektiv sinn et zwou verschidde Reegelungen, mee an der Praxis besteet keng Contradictioun tëscht hinnen, et gëtt dohier och keng Sträitfäll.

Lëtzebuerg, de 6. Oktober 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung